

Den Éischte Weltkrich an der Stad



© Photothèque de la Ville de Luxembourg

En däitsche Wuechtposten an de Märeler Wisen

Wéi den Éischte Weltkrich den 2. August 1914 mat dem Amarsch vun den däitschen Truppen iwwer Lëtzebuerg eragebrach ass, sollt et mat deem Lëtzebuerg, wat bis dohinner gutt als Member vum Zollveräin geliefert huet, eriwwer sinn.

Op eemol war näischt méi wéi fréier : an de Wunnquartier'en vun der Stad goufe Beem gefält a Grief gezunn, schwéier Waffen a Feldkichen opgestallt. Et gesouch een iwwerall Uniformen, d'Zaldote goufe bei Privatleit aquartéiert an d'Butteker goufen ëmmer méi eidel. Mir haten ons sécher gefillt an eisem „ewigen Neutralien“, wéi den Ernest Faber a sengem Buch *Luxemburg im Kriege 1914-1918* schreift, haten awer net beduecht, dass Lëtzebuerg direkt um Wee vun den däitschen Truppen op d'Westfront géif leien. Een Deel vun den Operatiounen op dëser Front ass am Ufank esouguer vu Lëtzebuerg aus der Aldringer-Schoul aus geleet ginn. Op der Stater Gare goufen d'Quaie méi breet gemaach fir d'Of- an Opluede vu schwéierem Material méi einfach ze maachen, an iwwerall am Gebai vun der Gare louchen Zaldoten op Matrasen a Stréisäck.

Déi national Autoritéiten hunn zwar géint dësen offensichtleche Broch vum Völkerrecht protestéiert, hire Protest gouf och

zu Berlin ugeholl, gehollef huet et awer näischt. D'Situatioun gouf och net vereinfacht duerch déi onklar Haltung vun der Grande-Duchesse Marie-Adelheid, där spéider virgeworf gouf, si wär den Däitsche vis-à-vis ze vill entgéintkommend gewiescht.

Schonn eng Woch no Krichsufank goufen déi éischt Krichsflieger am Lëtzebuerg Loftraum gesinn. D'Awunner vun der Stad Lëtzebuerg sollte vun 1916 bis 1918 permanent Bombardéierungen ausgesat sinn, déi vill Schued ugeriicht an och Mënscheliwe kascht hunn. Ganz besonnesch schlëmm war den Ugrëff 1918 op Clausen, wou zéng Leit gestuerwe sinn. Nach haut erënnere Monumenter un déi Affer, deenen hiren Doud aus der Loft koum.

No an no huet sech och eppes agestallt, wat et bis dohinner net gouf: d'Liewesmëttel goufe knapp an deier. Well Lëtzebuerg offiziell neutral war, krut et keng Liewesmëttel – an zwar vu kenger vun de Krichsparteien. Et gouf versicht, Kontakt mat der Schwäiz opzehuelen, awer den Transportwee vun do gong mëtten duerch d'Krichsgebitt. D'Awunner vun der Stad krute Liewesmëttelbonge fir Gromperen, Botter oder Flesch, well alles rationéiert war. Dozou koum e besonnesch haarde Wanter 1916-1917. D'Leit hu wierklech gelid-

den, a fir awer genuch z'essen ze hunn, hunn se sech – wann se sech dat finanziell leeschte konnten – op dem Schwaarzmaart agedeckt oder sinn op d'Land hamstere gaangen. Si hunn hier lessgewunnechte missen ëmstellen: no an no goufe Gromperen duerch Ribben ersat, u Flesch war net méi ze denken, an och Miel war knapp an de Botter deier. Nei Kachrezepten goufen entwéckelt an Ersatzliewesmëttel ausprobiert.

Dës Zäit war och fir d'Frae schlëmm, déi an der Schwéierindustrie rekrutéiert goufe fir déi Männer ze ersetzen, déi op der Front waren. Si hu misse vill physesch Kraaft hunn fir op der Bunn oder an der Schmelz ze schaffen a vill moralesch Stäerkt fir hir Familljen iwwer d'Ronnen ze kréien. Direkt am Ufank vum Krich hat d'Groussherzogin zur Grënnung vun enger Lëtzebuerg Branch vum Roude Kräiz opgeruff, wou keen Ennerscheid gemaach gouf, op dee blesséierten Zaldot en Däitschen, e Fransous oder e Belsch war. Et sief och nach op eng Fra higewisen, déi aus der Stad koum an déi fir d'Alliiert Grousses gelescht huet: d'Lise Rischarde, déi fir den englesche Geheimdéngscht spionéiert huet.

Di schwéier Liewensëmstänn hunn d'Awunner vun der Stad awer net dovun ofhalen, sech ze amesieren: et gouf Theater gespillt, Operen uropgeféiert a Baler ofgehale. D'Satiriker mat der Fieder a mam Pënsel hate vill Sujet'en iwwer déi se de Geck maache konnten, awer wann een d'Literatur aus där Zäit kuckt, mierkt een, wéi schwéier d'Alldagsliewe war. Tagebicher wéi dem Ernest Faber säint oder dem Batty Weber säin *Abreißkalender* si wäertvoll Zeien vun enger schlëmm Zäit.

Et fält op, wéi grouss di national an di kommunal Autoritéiten géint dem Enn vum Krich gesinn: si plange grouss prestigiéis Gebaier wéi Muséeën oder Schoulen, wuel och fir ze beweisen, dass mer eng eegestänneg Natioun waren a bleiwe wollten.

An dëser Nummer vun *ons stad* schwätze mer awer net nëmme iwwer Krich: mir feiere mam Lycée de Garçons um Lampertsbiere seng 125 Joer a mir weisen, wéi schéin d'Auerwierk vun der Méchelskierch restauréiert gouf. Mir stellen e Choix vun Affichen aus der Cinemathéik vir an weisen op „Hard Truths“ hin, eng beandrockend Fotoausstellung vun der *New York Times*, déi Enn November an de Cercle Cité kënn.